N°1301
Entrée le 04.10.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 04.10.2024

LSAP

Här Claude Wiseler
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 4. Oktober 2024

Här President,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Fir d'Rentrée 2018/2019 haten déi éischt Centres socio-thérapeutiques (CST) hir Dieren opgemaach. Dës Zentren encadréiere Schüler:inne mat grave Verhalensopfällegkeeten tëschent 4 an 12 Joer mam Zil si erëm an d'Schoul anzeglidderen. Op der Grondlag vum Diagnostik an der Recommandatioun vum Centre de compétences pour le développement socio-émotionnel (CDSE), decidéieren d'Commission nationale d'inclusion (CNI) an déi legal Erzéiungsberechtegt zesummen, ob d'Betreiung an engem CST sënnvoll ass.

An deem Kontext géing ech dem Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend follgend Froe stellen:

- Wéi vill Schüler:innen hunn opgrond vu Verhalensproblemer e "Besoin spécifique" a wéi ass hir Verdeelung no Altersgrupp a Geschlecht?
- Wéi vill Schüler:inne sinn déi lescht 5 Joer vum CDSE ënnerstëtzt ginn a wéi ass hir Verdeelung no Altersgrupp a Geschlecht?
- Wéi vill Schüler:inne sinn déi lescht 5 Joer an engem CST encadréiert ginn a wéi ass hir Verdeelung no Altersgrupp a Geschlecht?
- Wéi ass d'Rolleverdeelung an d'Zesummenaarbecht tëschent dem CDSE an den CST?
- Wéi gesäit de Suivi vu Schüler:innen aus, déi en CST verloossen?
- Wéi eng Diagnostike gi bei Schüler:inne mat grave Verhalensopfällegkeeten gemaach?
- Kann den Här Minister eng Evaluatioun vum Dispositif CST presentéieren?
- Wéi eng Moossname sinn en place fir systematesch Donnéeën ze erhiewen, fir den Dispositif evaluéieren ze kënnen?
- Wéi gesäit den Här Minister d'Zukunft vum Dispositif CST?

Mat déiwem Respekt,

Francine Closener
Deputéiert

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu